An de'wer Trauer déle mir alle Verwandten, Bekannten, Komeroden a Frönn mat, dass d'stierwlech Iwerreschter vun onse le'wen, gudden, onvergiessleche Jongen

**Aloyse FLAMMANG; Niki HORNICK;**
**Jean FLAMMANG; Francis MARX;**
**Alex JAQUEMIN; Mario MEURER;**
**Jempy THULL; Pierre STEIN;**
**Niki MAJERUS**

an hir le'w Hémecht erem bruecht si gin, fir hir le'scht Ro' ze fannen. Sie sin zo' Lyon fir d'Freihét vu Letzeburg, de 7. 2. 1944, durch preisesch Kugele gefall — D'Begriewnes vun den Escher Jongen ass e Samschdeg, de 27 Juli 1946, zo' Esch-Uelzecht, em 16 Auer. — D'Begriewnes vum Niki Hornick ass e Freideg, de 26. Juli, zo' Kèrch, em 16 Auer. — D'Begriewnes vum Francis Marx ass e Samschdeg, de 27. Juli, zo' Schöffleng, em 16 Auer. —D'Begriewnes vum Niki Majerus ass e Samschdeg, de 27 Juli, zo' Strôssen, em 16 Auer. — D'Begriewnes vum Mario Meurer ass e Samschdeg, de 27. Juli, zo' Dideleng, em 16 Auer. — D'Begriewnes vum Pierre Stein ass e Sonndeg, den 28. Juli 1946, zo' Alzeng, em 15 Auer.

An de'wer Trauer: Den Hèr an d'Mme Mich. Flammang-Santini, den Hèr an d'Mme Battibugli-Flammang an hir Kanner Grédy, Jacqui, André, Vicky Flammang an d'ganz Familjen.

Den Hèr an d'Mme Gust. Flammang-Weisgerber, hir Kanner Maria an Hélène an d'ganz Familjen.

Den Hèr an d'Mme Alb. Jaquemin-Hansen, hir Kanner Albertine a Julchen an d'ganz Familjen.

Den Hèr an d'Mme Jos. Thùll-Glodt, hir Kanner André, Maisy a Germaine an d'ganz Familjen.

Den Hèr an d'Mme Majerus-Parmentier, hire Jong Henri an Duechter Cilly Pleimling, den Hèr an d'Mme Jung-Majerus an d'ganz Familjen.

Den Hèr an d'Mme Hornick-Didier, hir Kanner Albert an Anna an d'ganz Familjen.

Den Hèr an d'Mme Marx-Bach, hir Kanner an d'ganz Familjen.

Den Hèr an d'Mme Nieles-Bettinelli, d'Famille Heini Meurer an hir Duechter an d'ganz Familjen.

D'Famill Stein-Witry, d'Famill Stein-Bidinger, Emile Stein an d'ganz Familjen.

**Esch-Uelzecht,** Strôssen, Kèrech, Schöffleng, Dideleng an Alzeng, de 26. Juli 1946. 5899E

**Strossen.** — E Samschdeg de Metteg ass é vun den Nationalhelden, de' de 7. Februar 1944 zu Lyon fir d'Hémecht hirt Liewen hu missen hiergin, de Niki Majerus, e Strossener Kand, hei um Kirfecht begruewe gin. Um 1/24 sin stierwlech Iwerreschter am Agank vum Duref ukom an opgestallt gin, eso' dass jiderén nach d'Geléenhét hat, fir dem Held de' lescht E'er ze erweisen. De Gemengerot, d'Gesellschaften a d'Resistenzgruppen hu Kränz a Gerben niddergeluegt fir hirem Matbirger e leschten Hommage duerzebrengen. Um 1/25 ass den Trauerzug durch d'Strossen, wo' d'Heiser trauerbeflaggt woren, op de Kirfecht gangen. No der religie'ser Zérémonie huet den H. Reichling, Président vun der Ligue „Ons Jongen" Strossen, sengem ongléckleche Komerod en ergreifenden Noruff gehalen. D'Trauerfeierlechkéten sin zu Enn gefo'ert gin mat engem Grawlidd durch de Gesank, enger Trauerweis an der „Hémecht" durch d'Musek. Elo schle'ft den Niki Majerus, dén aus Hémechtsle'ft alles hiergin huet sei leschte Schlof am Hémechtsbuedem.

*Extrait aus dem „Luxemburger Wort", Juli 1946*